# Géisdrefer LANTER

2023 / 02 | INFORMATIOUNSZEITUNG VUN DER GEMENG GÉISDREF





# SOMMAIRE

## IMPRESSUM

Éditeur responsable:
Administration communale de Goesdorf

Rédaction:
Sandy Floener

Coordination et traduction:
Sandy Floener

Cover Photos:
Romy Schouten

Photos:
Romy Schouten

Design:
Zoë Mondloch

Mise en page:
brain&more
agence en communication

Impression :
Print Solutions
750 exemplaires

PacteClimat EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

04-05 Presentatioun Gemengerot a Kommissiounen

06-07 Kommunikatioun

08-09 Krëstmoart

10-11 Motocross Boukels

12-13 Vëlosummer

14-15 Ofgeschlosse Projets

16-17 Schoulkantin

18-21 E Stéck Geschicht

22-25 Bëschkierfecht Rulljen

26-29 Foto-Quiz

30-31 Theater

32 Lokal Veräiner

33 Manifestatiounskalenner

34-39 Foto-Reportage



# AVIS AU PUBLIC

**Post**
D'Aarbechte fir d'Ëmsetze vun de Projetspläng vun der Post fir den Uschloss vun eisen Dierfer un de Glasfaserreseau sinn am Fréijoer 2023 ugelaf. D'Aarbechten zu Bidscht goufen am Oktober ofgeschloss. Déi nächst Etapp, den Uschloss vun Dol, Boukels a Masseler, ginn Enn des Jores un a solle viraussiichtlech Enn 2024 ofgeschloss ginn.

***Postes et télécommunications***
*Les travaux de mise en œuvre des plans de projet pour le raccordement des villages au réseau de fibre optique ont commencé au printemps 2023. Les travaux à Buederscheid ont été achevés en octobre. La prochaine étape, le raccordement des villages de Dahl, Bockholtz et Masseler débutera fin novembre et devrait s'achever fin 2024.*

# PRESENTATIOUN GEMENGEROT A KOMMISSIOUNEN

## *PRÉSENTATION CONSEIL COMMUNAL ET COMMISSION*



**Jean-Paul MATHAY**
Bourgmestre
jeanpaul.mathay@goesdorf.lu
CIGR Wiltz / MUL / Pacte Nature / Naturpark Öewersauer / DEA



**Marc SIEBENALLER**
Échevin
marc.siebenaller@goesdorf.lu
Wandpark Rulljen-Géisdref



**Marc KEILEN**
Échevin
marc.keilen@goesdorf.lu
Club Uewersauer (membre effectif) / Ecole de musique Wiltz / LEADER Eislek (membre effectif) / MUL / Commission scolaire / SIDEC / SIDEN

## Commission communale de bâtisses :

Claude Treff, conseiller communal
Georges Biever, conseiller communal
Ed Oestreicher
Marco Steinert
Marc Baulisch
Rose Peiffer
Igor Rodrigues Fernandes
Stéphanie Molitor
Camille Mousel



**Sandra ANTINORI**
Conseiller
sandra.antinori@goesdorf.lu
Office Social Wiltz / KlimaPakt



**Georges BIEVER**
Conseiller
georges.biever@goesdorf.lu
Contrat des rivières / PME Guichet Unique (membre suppléant) / KlimaAgence / ORT Eislek (membre effectif) / Sécurité routière / Transports publics (membre effectif) / KlimaPakt / Pacte Nature



**Lis BREYER**
Conseiller
lis.breyer@goesdorf.lu
ALA Alzheimer (membre suppléant) / Landakademie / Maison des Soins Clervaux / ORT Eislek (membre suppléant) / Commission scolaire



**Fernand PAQUAY**
Conseiller
fernand.paquay@goesdorf.lu
Club Uewersauer (membre suppléant) / LEADER Eislek (membre suppléant)/ Syndicat d'Initiative / Commission scolaire



**Christa SCHMITZ**
Conseiller
christa.schmitz@goesdorf.lu
Maison des Soins Clervaux /
ALA Alzheimer (membre effectif)



**Claude TREFF**
Conseiller
claude.treff@goesdorf.lu
Ecole de Musique Wiltz / PME Guichet Unique (membre effectif) / Transports publics (membre suppléant) / Commission scolaire

# Commission communale de la culture, des sociétés et des loisirs :

Jean-Paul Mathay,
bourgmestre
Lis Breyer,
conseiller communal

Max Weyler
Gilles Haines
Jennifer In't Groen

Monique Schmit
Jeff Peiffer

Natacha Ferreira Martins
Steffi Weigel

# KOMMUNIKATIOUN 2023/2024

**Léif Lieser a Lieserinnen,**

**Hei wëlle mir Iech e kuerzen Iwwerbléck ginn iwwer d'Aarbechten, déi am Beräich Kommunikatioun gemaach goufen.**

## Internetsite www.goesdorf.lu

Den Internetsite gouf Enn September iwwerschafft a mat eisem neie Logo, an de Faarwe vun eiser Charte graphique, adaptéiert.

Hei fannt Dir weiderhin déi wichtegst Informatiounen iwwert d'Funktiounsweis vun der Gemeng a vun den Déngschtleeschtungen, déi den Awunner ugebuede ginn.

## Instagram / gemeng_geisdref

Säit Juni ass d'Gemeng och um Instagram vertrueden: gemeng_geisdref

Wéi och um Facebook, gitt Dir hei iwwer d'Aktualitéiten um Lafende gehalen.

Mir wëllen dës Geleeënheet notzen, fir d'Awunner, déi dësem Kanal nach net bäigetruede sinn, z'encouragéieren dëst ze maachen.

## « Hei wëll ech gär bleiwen »

Op de Festivitéite vum Nationalfeierdag gouf eist Lidd déi éischte Kéier presentéiert: „Hei well ech gär bleiwen"

Aus eisem Slogan gouf e Lidd gemaach, inspiréiert vum Colette a Fernand hirem Lidd „Hei kann ech net bleiwen". De Museker a Komponist Joël Heyard huet der Musek méi e modernen Touch ginn, den Text gouf un d'Gemeng ugepasst a gëtt gesonge vum Ben Claus. Dir fannt d'Lidd um Spotify, Apple-Music, Youtube a Facebook/Instagram/TikTok.

Ee flotten Ouerewuerm, deen een an der Gemeng Géisdref bestëmmt nach oft wäert héieren!

*Link op d'Lidd*

## Gemengegefierer

Am August sinn eis nei Gefierer mat eisem Logo verschéinert ginn. Och déi scho bestoend Gefierer goufen no an no vun dem Wopen ob den neie Logo ëmgeännert. Sou erkennt Dir zu all Moment, wou eis Aarbechter grad ënnerwee sinn.

## De Kommunikatiounsservice vun der Gemeng

Wann Dir Froen, Iddien oder Verbesserungsvirschléi zu eiser Kommunikatioun hutt, adresséiert Iech weg un d'Sandy Floener an hir Kolleegen. Dir kënnt eis och e Lieserbréif fir an d'Lanter schécken. Déi nächst Nummer gëtt Mëtt Juni verdeelt.

## Kontakt:

Sandy Floener
839270-21
communication@goesdorf.lu

# LA COMMUNICATION 2023/2024

**Cher lecteur, chère lectrice,**

**Nous souhaitons vous donner un bref aperçu des travaux réalisés dans le domaine de la communication.**

## Site internet www.goesdorf.lu

*Le site internet a été remanié fin septembre et a été équipé de notre logo et des couleurs de notre charte graphique. Vous y trouverez toujours les informations essentielles sur le fonctionnement de la commune et tous les services disponibles.*



## Instagram / gemeng_geisdref

*Depuis juin, la commune est également présente sur Instagram : gemeng_géidref.*

*Comme sur Facebook, vous serez informé des actualités. Nous voulons profiter de cette occasion pour inviter tous les habitants à suivre cette page.*

## « Hei well ech gär bleiwen »

*Le jour des festivités de la fête nationale, la chanson de la commune a été présentée pour la première fois : « Hei well ech gär bleiwen ».*

*Une chanson a été créée à partir de notre slogan, inspirée par « Hei kann ech net bleiwen » de Colette et Fernand. Le musicien et compositeur Joël Heyard a donné à la musique une touche plus moderne, les paroles ont été adaptées à la communauté et sont chantées par Ben Claus. La chanson est disponible sur Spotify, Apple-Music, Youtube et Facebook/Instagram/TikTok.*

*lien vers la chanson*

## Véhicules

*En août, les nouveaux véhicules du service technique ont été embellis avec notre logo. Les véhicules déjà existants ont également été progressivement transformés du blason au logo. Ainsi, les gens peuvent reconnaître à tout moment où nos agents sont en train de travailler.*






## Le service de communication de la commune

*Si vous avez des questions, des idées ou des propositions d'amélioration, n'hésitez pas à contacter Sandy Floener et ses collègues. Vous pouvez également nous envoyer une « lettre de lecteur ». La prochaine édition sera distribuée à mi-juin.*

**Contact:**

*Sandy Floener*
*839270-21*
*communication@goesdorf.lu*

# KRËSTMOART

## *MARCHÉ DE NOËL*



Léif Bierger a Biergerinnen,

Heimat deele mir Iech mat, dass d'Gemeng dëst Joer eng éischte Kéier e Krëstmoart organiséiert.

Den 1. an 2. Dezember gëtt de Schoulhaff zu Dol kuerzzäiteg an e Winter-Wonderland verwandelt. An Zesummenaarbecht mat de lokale Veräiner fannen hei 10 Chalete Plaz, wou Iessen, Gedrénks an e puer handgemaachte Krëstdekoratiounen ze fanne sinn. Entdeckt e puer flott Geschenkiddien a loosst Iech vun der festlecher Stëmmung verzauberen.

Och de Schoulcampus ass vertrueden an d'Kanner hu fläisseg gebastelt fir Dekoratioune kënnen ze verkafen.

D'Kanner aus der Maison Relais hu vill geüübt a sech Méi gi fir Iech e flotten Optrëtt kennen ze presentéieren.

Fir déi musikalesch Ënnerstëtzung um Owend suergen „Two VoiSis" an „d'Géisdrëfer Strëpp".

E ganz besonneschen Highlight gëtt de Besuch vum Kleeschen um Samschden, 2. Dezember, wou all Kand aus der Gemeng sech seng Titche ka siche kommen. E flotte Moment fir déi ganz Famill.

Kommt bis laanscht a genéisst d'Magie vun der Krëstzäit.

Mir freeën eis op äre Besuch.

*Chers citoyens et citoyennes,*

*Nous avons le plaisir de vous annoncer que la commune organise cette année son premier marché de Noël.*

*Les 1er et 2 décembre, la cour de l'école de Dahl se transformera brièvement en un pays des merveilles hivernal. En collaboration avec les associations locales, 10 stands de vente y prendront place, où l'on pourra trouver de la nourriture, des boissons et des décorations de Noël faites à la main. Venez découvrir quelques belles idées de cadeaux et laissez-vous envoûter par l'ambiance de Noël.*

*Le campus scolaire sera également représenté et les enfants ont travaillé dur pour pouvoir vendre des décorations.*

*Les enfants de la Maison Relais ont fait des efforts et se sont beaucoup entraînés pour pouvoir vous présenter une belle performance.*


*« Two VoiSis » et les « Géisdrëfer Strëpp » assureront le soutien musical de la soirée.*

*Un moment magique sera la visite du Père Noël le samedi 2 décembre, où chaque enfant de la commune pourra venir chercher son sachet. Ce moment sera apprécié par toute la famille.*

*Venez et appréciez la magie de la période de Noël.*

*Nous nous réjouissons de votre visite.*

# PLANG VUM KRËSTMOART
# *PLAN DU MARCHÉ DE NOËL*




## STÄNN/STANDS

**1.** Campus scolaire: Bastelsaachen a Krëstdeko

**2.** Club Uewersauer : Wanterdekoratioun, Likör, Gebeess a Gebäck

**3.** DT Nacher: Raclette a Gromperen

**4.** Jeunesse Nacher : Stockbrot, Marshmellows a Facepainting

**5.** Coin de Terre: Reis a Kürbiszopp, Krëstkarten a Keramik

**6.** Gemeng: Softdrinks, Krëstbéier, Béier a Glühjus

**7.** Theaterfrënn Nacher: Champignon a Currywurst

**8.** Sängerfrënn Caecilia: Chili con carne, Corona Béier

**9.** Spoerverein beim Josette : Wirschtercher mat Sauerkraut, Mettwurschten, Sangria, Käerzen an Ouerréng

**10.** Jeunesse Dol: Glühwäin, Glühgin, Schocki a Schocki mat Schuss

**11.** Fraen a Mammen: Wafelen

# PROGRAMM
# *PROGRAMME*

## 01. Dezember 2023

**16h00:**
Ouverture Krëstmoart

**16h00 – 18h00**:
Kanneranimatioun (Ballooneur, FacePainting)

**17h30**:
Offiziell Ouverture vun der Krëstbeliichtung – begleed um Saxofon vum Kaitlin-Anne Muteba a Vanessa Kayser

**18h00**:
Optrëtt Two VoiSis

**22h00**:
Fermeture Krëstmoart

## 02. Dezember 2023

**15h00:**
Ouverture Krëstmoart

**16h00 – 17h00:**
Optrëtt vun de Kanner aus der Maison Relais

**17h00:**
Kleeschen um Krëstmoart

**18h00:**
Optrëtt Géisdrëfer Strëpp

**22h00:**
Fermeture Krëstmoart



# MOTOCROSS BOUKELS

Endlech war et erëm esouwäit an d'Caravane vun de Lëtzebuerger Crosspiloten ass am Oktober an d'Éislek erop gezu fir sech op eiser schéiner Naturstreck zu Boukels mat hiren Däitschen, Belschen a Franséische Rivalen ze moossen.

No 12 Joer war den DAMCV (Deutscher Amateur Motocross Verband) dank der gudder Zesummenaarbecht vum MSCE (Motorsport Club Ermsdorf) mam MCV Oberkail erëm op Besuch. Beit Clibb hunn d'Streck excellent virbereet. De Luef koum vun alle Säiten an d'Piloten hunn sech mat grousser Begeeschterung a Freed hir Schluechte geliwwert.

Flott war et och erëm d'Cross-Sidecaren erliewen ze kënnen. Bei dëse Gefierer gëtt mat Motoe bis 700cc gefuer. Hei hunn sech den Andreas Clohse mam Tobi Lange op WSP-Zabel 700 duerchgesat an dunn och d'Meeschterschaft gewonnen. Bei de Soloe war beim DAMCV den Dennis Platt op enger 450er Yamaha dräi mol den Éischten an huet domat den Inter Open Titel gewonnen a fir dëst Joer och de Ronnerekord mat 1.55 Min opgestallt. Beim SWC (Süd-West Cup) war den David Cherkasov, Fantic 450, dee Schnellsten a konnt den Titel bei de Prestige mat knapps 3 Punkte Virsprong gewannen. Am Lëtzebuergesche Championnat huet sech de Jamie Heinen, KTM 250, konnten duerchsetzen. Hien ass dëst Joer och 2e am Championat MX2 d'Alsace Lorraine ginn. De Jamie ass momentan dee beschte Lëtzebuergesche Pilot a mat just 18 Joer huet hien nach eng villverspriechend Zukunft virun sech.



Déi Kleng, eisen Nowuess, sinn och net zu kuerz komm. Si konnten op dëse Weekender gläich an 3 Klassen,



d'50er, 65er a 85er, hirem Sport nogoen an sech virun hirem Publikum ameséieren.

E Grousse Merci geet un d'Gemeng Géisdref, dem Ministère des Sports, dem Sachar Berscheid fir d'Virbereede vun der Piste, dem MCV Oberkail, dem SWC, MCMX Kopstal, der Motor-Union Lëtzebuerg, de Sponsore, mee och virun allem un all déi Leit déi am Benevolat sech Deeg laang asetze fir eis, dem MSCE, ze hëllefen dës flott Veranstaltungen op d'Been ze stellen.

(Text: Nicola Cumini, Fotoen: MSCE)

# *MOTOCROSS BOCKHOLTZ*

*La caravane des pilotes de cross luxembourgeoise s'est à nouveau déplacée dans l'Ösling en octobre, pour se mesurer à leurs rivaux allemands, belges et français sur notre beau circuit naturel à Bockholtz.*

*Après 12 ans, le DAMCV (Deutscher Amateur Motocross Verband) est revenu avec le MCV Oberkail grâce à la bonne collaboration avec le MSCE (Motorsport Club Ermsdorf). Les deux clubs ont préparé le parcours de manière excellente. Les éloges sont venus de tous les côtés et les pilotes se sont livrés à leurs batailles avec beaucoup d'enthousiasme et de plaisir.*

*Le retour des cross-sidecars a également été un grand plaisir. Ces véhicules utilisent des moteurs jusqu'à 700cc. Andreas Clohse et Tobi Lang se sont imposés sur leur WSP-Zabel 700 et ont remporté le championnat. Lors des solos de la DAMCV, Dennis Platt s'est classé trois fois premier sur une Yamaha 450 et a ainsi remporté le titre de l'Inter Open, ainsi que le record du tour avec un temps de 1.55 min. En SWC, David Cherkasov a été le plus rapide sur sa Fantic 450 et a obtenu le titre de Prestige avec 3 petits points d'avance. Dans le championnat luxembourgeois, Jamie Heinen s'est imposé sur sa KTM 250. Il a également terminé 2ème au Championnat MX2 d'Alsace Lorraine cette année. Jamie est actuellement l'un des meilleurs pilotes luxembourgeois et, à 18 ans, il a un avenir prometteur devant lui.*

*Les plus jeunes, notre relève, n'ont pas été en reste. Durant ces week-ends, ils ont pu s'adonner à leur sport dans trois catégories à la fois, les 50, les 65 et les 85, et s'amuser devant leur public.*

*Un grand Merci à la commune de Goesdorf, au Ministère des Sports, à Sacha Berscheid pour la préparation de la piste, au MCV Oberkail, au SWC, MCMX Kopstal, à la Motor-Union Luxembourg, aux sponsors, et surtout à toutes les personnes qui s'investissent et aident bénévolement pendant des jours pour organiser cette superbe manifestation.*

*(Texte: Nicola Cumini, Photos: MSCE)*



# VËLOSUMMER, TEIFËLSLEE A PRIEDEGTSTU

**Den 29. an 30. Juli 2023 war fir d'drëtte Kéier de Vëlosummer am Sauerdall a fir d'zweete Kéier d'Summerfest vun de Vältesfrënn.**




Tëschent der Giewelsmillen a Lëlz war heifir d'N27 fir de Verkéier gespaart ginn. Fir d'zweete Kéier hunn dann an dësem Kontext d'Vältesfrënn, nieft engem Stroosserestaurant mat Gedrénks, Eisekuchen an Hameschmiere, op hirt Summerfest geruff. Hei gouf et Samstesowes de kale Plat „Teifëlslee" mat regionale Produiten, begleet vu Musek, gespillt vum Jos Schartz. Trotz deem duerchwuessene Wieder an engem éischter luese Start um Samschdegmoien, sinn iwwert déi zwee Deeg vill Cycliste passéiert. Si konnten heibäi entweder mat der Famill en Tour maachen oder méi sportlech ambitionéiert d'Natur an d'Landschaft am Sauerdall genéissen.

Nodeems d'lescht Joer de Panneau Touristique mat der Seeche vun der Däiwelslee ageweit gi war, ass dëse fir de Vëlosummer an d'Summerfest ëm e Priedegtstull erweidert ginn. Dës opwänneg Konstruktioun um Fiels aus Eechenholz an Eise soll ee besseren a méi sécheren Ausbléck vun der Däiwelslee an de Sauerdall erméiglechen. D'Initiative heifir war vum Buergermeeschter Jean-Paul Mathay ausgaangen an d'Konstruktioun vum Schäffe Marc Keilen geleet ginn.

Donieft huet d'Gemeng awer och ee vum Carlo Schmitz entworfene Panneaue finanzéiert. Dëse gouf am Viraus opgeriicht, a kënnen och déi nächst Jore weider benotzt ginn. D'Gemeng huet och déi néideg Infrastruktur zur Verfügung gestallt a soumat zu engem gelongene Weekend bäigedroe.

(Text: Val Weicherding)



***Les 29 et 30 juillet, la troisième édition de l'été cycliste a eu lieu dans la vallée de la Sûre ainsi que la deuxième édition de la fête d'été organisée par les « Vältesfrënn ».***

*La N27 était fermée à la circulation entre Goebelsmuehle et Lultzhausen, un restaurant de rue proposant des boissons, des gaufres et des petits pains au jambon attendait les cyclistes passants à la « Däiwelslee ». Samedi soir, les « Vältesfrënn » ont invité à nouveau à leur fête d'été, avec un menu froid à base de produits régionaux, accompagné de musique joué par Jos Schartz.*

*Malgré un temps mitigé et un démarrage lent le samedi matin, de nombreux cyclistes sont passés au cours des deux jours. Une journée en famille ou des sportifs ambitieux ont pu profiter de la nature et du paysage de la vallée de la Sûre.*

*L'année dernière, le panneau touristique « Däiwelslee » a été inauguré, et cette année, il a été complété par une chaise du prédicateur. Cette construction complexe en bois de chêne et en fer permettra d'avoir une meilleure vue et une plus grande sécurité sur la « Däiwelslee ». L'initiative est née du bourgmestre Jean-Paul Mathay, la construction a été dirigée par l'échevin Marc Keilen.*

*La commune a financé un panneau conçu par Carlo Schmitz. Celui-ci a été érigé à l'avance et pourra être réutilisé l'année prochaine. De plus, la commune a mis à disposition l'infrastructure nécessaire et a ainsi contribué à la réussite de ce week-end.*

*(texte : Val Weicherding)*



# OFGESCHLOSSE PROJETS

## SALL GÉISDREF





Ufank des Jores krut de Géisdrefer Sall en neie Comptoir, de Buedem an d'Mauere goufe renovéiert, fir dem Sall e proppert an neit Ausgesinn ze ginn.

## JEUNESSE-SALL GÉISDREF







Den alen Antimon-Musée zu Géisdref gouf komplett renovéiert, mat enger neier Kichen an Uewen equipéiert, an der Jeunesse Géisdref zu Verfügung gestallt.



# PETANQUE PIST

Zu Dol bei der neier Schoul, hanner der Heizzentral, fannt Dir lo och eng Petanque Pist.

# CUISINE ET CANTINE SCOLAIRE À DAHL

Le bâtiment de la cantine vient compléter le site scolaire et sportif de Dahl.


Le projet comprend deux parties, coté rue un bâtiment de type « construction traditionnelle » sur 3 niveaux, et à l'arrière, une construction à ossature bois faisant la liaison avec la cour de récréation du campus scolaire. La partie plus traditionnelle sert au stockage et à la préparation des repas tandis que la partie à ossature bois comprend les salles de restaurant. L'espace repas est divisé en différentes pièces avec différentes ambiances afin de convenir à des enfants de tout âge. Les espaces sont voulus polyvalents afin de pouvoir y pratiquer toute activité même en dehors des heures de repas.





GOESDORF
Gemeng Géisdref

op der Heckt


PRÉCOCE
& PRÉSCOLAIRE
VOITURE
CRÈCHE
CANTINE
SCOLAIRE
SALLE DE
SPORT
MAISON
RELAIS
ÉCOLE
BUS



# DÉI ÉISCHT SCHIPIS TËSCHENT NACHER

**Wann een u Schisport denkt, dann denken déi meescht Lëtzebuerger wuel un hiren traditionelle Wantersport. Ob Frankräich, Éisträich oder d´Schwäiz: zanter Joerzéngten zitt et d´Lëtzebuerger an déi populäerst Schigebidder uechtert Europa. Am Grand-Duché selwer ginn d'Schier awer nëmme seelen ausgepaakt. Bei ideale Wiederbedingungen ass Schilaanglaf zu Housen oder Wäiswampech méiglech. Dass et awer och richteg Schipist gouf, an dovunner déi éischt aus dem Land souguer an der Gemeng Géisdref, dat wësse wuel déi mannste Leit.**

Dass et zu den Aufgabe vun enger Gemeng gehéiert, hiren Awunner Fräizäitaktivitéiten unzebidden, war schonn 1969 gewosst. Deemools hunn sech de Syndicat d'Initiative Nocher-Goesdorf an de Syndicat d'Initiative de Kautenbach zesumme gedoen, fir un de géien Häng tëschent Nacher a Mäerkels eng Schipist unzeleeën. Et sollt déi éischt zu Lëtzebuerg sinn. Och d´Zuelen si beandrockend: 1.600 Meter laang a 15 Meter breet.

### D´Lëtzebuerger Wort huet d'Schipist deemools esou beschriwwen:

> „Beginn in Nocher, nicht weit von den ersten Häusern an der Bergstraße, die aus Richtung Kautenbach nach Nocher ansteigt. Ende der Piste: im Tale der Wiltz, etwa 4 km oberhalb Kautenbach-Bahnhof, an der Talstraße Kautenbach-Wiltz.“ [1]



(Foto: Le Républicain Lorrain, 2.2.1976)

[1] „Skipiste“, Luxemburger Wort, 31.1.1976

# T AM LAND A MÄERKELS



D'Bezeechnunge "Bergstraße" an "Talstraße" ginn den Androck, et wier een an de schwäizer Alpen. Déi selwecht Zeitung schwätzt ee Joer méi spéit souguer vum "imposanten Nocherberg".[2]

Beim Uleeë vun der Pist gouf sech richteg Méi ginn. De pickegen Drot, deen d'Felder ofgetrennt huet, gouf agewéckelt. E puer Hecke laanscht d´ Piste goufe souguer rausgerappt. Et war souguer ee Bulldozer op der Plaz, fir d'Aarbechte méi liicht ze maachen. Rout-Gréng bemoolt Pottoen hunn d'Schipist markéiert. Puer Reporter waren awer enttäuscht doriwwer, dass et kee Schilift ginn ass:

> „Leider befördert keine Seilbahnanlage die Brettrutscher wieder zur Höhe. Die Auffahrt zum Ausgangspunkt geschieht in Privatautos über den gut befahrbaren Neuenweg." [3]

[2] „Skipiste", Luxemburger Wort, 21.1.1977


[3] „Skipiste", Luxemburger Wort, Dezember 1969.




Nimm v.l.n.r.: 1. Réi : Paul Mergen, Claude Treff, Jean-Paul Flammang, Chris Goebel, Claude Schock, Greg Schaack, Pierre Jacquemart, Johny Van Rijen, Raymond Bissen, 2. Réi : Marc Siebenaller (Foto: Archiv Géisdref)



Foto: Archiv Géisdref




Ee Schilift opzeriichte wier wuel e bëssen ze vill dees Gudde gewiescht. An awer hu sech d'Organisateure Gedanken iwwer den Transport gemaach. Weekends gouf een Taxi vu Wolz agesat, fir d'Schifuerer erëm erop op Nacher ze féieren. Den Taxi stoung vun 13 Auer bis 17 Auer prett a konnt fir e puer Frang genotzt ginn. Spéider hi gouf den Taxi duerch ee Bus ersat. Dëst weist, wéi beléift d'Schipist war. Se huet sech awer virun Allem un erfuere Schifuerer geriicht, well se "einige Schwierigkeiten barg".[4] Mee och hei haten sech d'Organisateuren eng afale gelooss. Amateuren a Kanner konnten op engem Feld nieft der Piste üben.

No aacht Joer Wantersport um „Nocherberg" gouf d´ Piste 1977 awer zougemaach. De Grond: ee vun den zwee Besëtzer vun de Felder, iwwer déi d'Schifuerer gefouert huet, huet sech dozou entscheet, kleng Dännebeem ze planzen.[5] Dëst huet Schifueren um Hang onméiglech gemaach. Och an de Joren drop ass keng alternativ Schipist preparéiert ginn. Déi ambitionéiert Schifuerer aus dem Éislek hu missen op Klierf goen, wou et och eng Piste ginn ass.[6] D'Kapitel Schisport zu Nacher war domat zu Enn. Wann een haut op den „imposanten Nocherberg" kuckt, da kann een sech nëmme schwéier virstelle wéi ee Schifuerer nom aneren hei soll erofgefuer sinn. Haut ass den Hang ganz mat Bësch bedeckt. Wie weess, hätten d'Organisateuren deemools wierklech ee Schilift installéiert, da géing een eventuell haut nach vum Wantersportparadis Nacher schwätzen. Mee da géing de feelende Schnéi éischter ee Problem duerstellen.

*(Text: Jo Diseviscourt)*

[4] „Une nouvelle piste de ski", Républicain Lorrain, 2.2.1976.
[5] „Kein Skisport mehr im Tal der Wiltz", Luxemburger Wort, 22.12.1977
[6] „Une nouvelle piste de Ski à Kautenbach », Républicain Lorrain, 2.2.1976



« Regionale Bëschkierfecht Jongebësch » à Roullingen des communes de Wiltz, Winseler, Goesdorf et Kiischpelt

# LA FORÊT COMME LIEU ALTERNATIF DE DERNIER REPOS

**Pourquoi un « cimetière forestier »/ « Bëschkierfecht » ?**

L'emplacement en pleine nature est l'une des principales motivations qui attirent un nombre croissant de personnes vers les cimetières forestiers. Particulièrement appréciée par ceux qui entretiennent une relation étroite avec la nature, cette forme d'inhumation en dehors des limites traditionnelles d'un cimetière conventionnel offre un cadre approprié pour honorer la mémoire des défunts.

En collaboration avec les communes de Winseler, Goesdorf, Kiischpelt et l'administration de la nature et des forêts, la commune de Wiltz a aménagé un cimetière forestier d'environ 3 hectares au « Jongebësch » à Roullingen. Il comprend 50 arbres sélectionnés et prévoit 10 emplacements d'inhumation par arbre. Le cimetière dispose d'un pavillon pour accueillir les cérémonies funéraires, qu'elles soient de nature religieuse ou civile.



## Qui peut se faire inhumer au cimetière forestier régional ?

L'inhumation au cimetière forestier est possible pour toute personne décédée et ayant eu son dernier lieu de résidence au Grand-Duché de Luxembourg.

## Quelles sont les différentes formes de sépultures au « cimetière forestier régional » ?

Le cimetière forestier « Jonge-bësch » offre deux formes de sépulture différentes :

- L'inhumation individuelle aux pieds d'un arbre commémoratif. Les arbres sélectionnés sont numérotés avec des plaquettes et répertoriés dans un registre communal. Un panneau à l'entrée du cimetière forestier énumère les noms, prénoms et les dates de naissance et de décès des personnes, dont les cendres ont été déposées autour de l'arbre commémoratif.

- Dispersion des cendres sur une clairière prévue à cet effet au cimetière forestier.

L'inhumation en urne ou un enterrement du corps n'est pas autorisé.

## Déroulement de l'inhumation :

Une première condition pour une inhumation au cimetière forestier régional est bien sûr la crémation préalable. L'urne avec les cendres du défunt sera transférée au cimetière forestier par un service de pompes funèbres. Sur place, une cérémonie funéraire religieuse ou civile peut avoir lieu selon la volonté des proches du défunt.

La dispersion des cendres se fera par l'agent communal responsable du cimetière, conformément aux lois et règlements existants.

## La procédure à suivre en cas de décès

Le décès devra être déclaré dans la commune où le décès est survenu. Les proches du défunt devront être munis des pièces suivantes :

- Déclaration de décès dûment signée par un médecin,

- Pièce d'état civil (acte de naissance, acte de mariage) du défunt

- Certificat médical attestant que le défunt n'était pas porteur d'un « pace-maker »



Après la déclaration de décès, le service de l'état civil organisera l'inhumation ensemble avec les proches du défunt :

- Signature d'une concession
- Choix de l'arbre commémoratif auprès duquel les cendres du défunt seront inhumées
- Et fixation des modalités de dispersion.

Pour des renseignements supplémentaires, veuillez contacter le bureau de la population de la commune de Wiltz : biergeramt@wiltz.lu Tél : 95 99 39-1

## Qu'advient-il si un arbre commémoratif est endommagé ?

Les arbres actuellement sélectionnés sont principalement des hêtres âgés de 120 ans. Ils ont été choisis en raison de leur bonne santé et de l'absence de dommages visibles. Du point de la gestion forestière, on estime qu'ils vivront encore plusieurs siècles. En cas de dommage causé par une tempête violente ou la foudre, la plaquette numérotée sera déplacée vers un arbre sain à proximité de l'emplacement initial. Cependant, il ne sera pas possible de déplacer les cendres.

## Une décoration funéraire est-elle possible ?


Le cimetière forestier régional se trouve au sein d'une forêt naturelle, où les changements saisonniers offriront une décoration naturelle et évolutive. Les personnes qui choisissent cette forme d'inhumation optent consciemment pour une sépulture en harmonie avec la nature, sans nécessiter de décoration individuelle.

Pour ces raisons, la décoration de l'emplacement de l'inhumation, le dépôt d'objets et la plantation de fleurs n'est pas permise.

## Quels sont les coûts d'une inhumation au cimetière forestier régional ?

Les concessions au cimetière forestier sont octroyées soit après le décès, soit préalablement.

Dans le cas d'une inhumation auprès d'un arbre commémoratif, les proches pourront s'assurer le droit de




procéder à d'autres inhumations futures auprès du même arbre en acquérant une concession comportant jusqu'à 10 emplacements (y compris l'emplacement destiné à la première inhumation). Les concessions temporaires sont renouvelables après 30 ans.

*(Texte : Commune de Wiltz, Photos : © ANF Mireille Feldtrauer)*

**Pour les habitants des communes de Wiltz, Winseler, Goesdorf et Kiischpelt :**
Cimetière forestier, concession 30 ans : 250€ par emplacement
Renouvellement : 250€ par emplacement

**Habitants d'autres communes :**
Cimetière forestier, concession 30 ans : 500€ par emplacement
Renouvellement : 500€ par emplacement

**Autres prestations :**
Dispersion des cendres : 280€
Cérémonie d'enterrement civil : 50€
Plaquette avec inscription : 58€



Fotoquiz Deel 3

# WÉI GUTT KENNT DIR ÄR GEMENG?

Mir gratuléieren alle Participanten déi un der leschter Editioun vum Foto-Quiz deelgeholl hunn! Et koumen rëm puer richteg Äntwerten eran, an d'Lous huet de Gewënner missen definéieren.



E grousse Bravo un d'Aline Linden, dat de flotte Set vu Lanteren huet dierfe mat heem huelen!

Elo kënnt Dir Äert Gléck nach emol versichen.

Mir hunn nei Fotoen zesumme gesicht, a wëlle rëm vun Iech wëssen, wou des geknipst goufen.

Op der leschter Säit fannt Dir de Formulaire, féllt Är Äntwerten aus, a schéckt eis en zréck bis de 15. Dezember 2023.

Wa méi richteg Äntwerten era kommen, entscheet erëm d'Lous.



**Den 1. Präis ass, wéi gewinnt, e flotte Set vu Lanteren vun der Käerzefabrik.**

**Vill Spaass beim sichen a roden!**


1


2


3


4




5



6

## Äntwerten Editioun 2023-1


1


4


2


3


5

Foto 1: Bidscht, Wëltzerstrooss
Foto 2: Géisdref, Op der Minn

Foto 3: Kapell Dol-Nacher
Foto 4: Monument Nacherstrooss

Foto 5: Panneau touristique, Däiwelslee, N27

# RÈGLEMENT CONCERNANT LES MODALITÉS DE PARTICIPATION AU CONCOURS DÉNOMMÉ « FOTO-QUIZ »

Ce jeu-concours est organisé par l'administration communale de Goesdorf établi à L-9653 Goesdorf, 1, op der Driicht, représenté par son collège des bourgmestre et échevins actuellement en fonctions.
Est mis en jeu un cadeau d'une valeur maximale de 150€.
Ce concours gratuit est ouvert à toute personne physique majeure, excepté les organisateurs, les membres du jury et leurs familles jusqu'au premier degré inclus.
Une seule participation par personne et par jeu-concours est autorisée.

Conformément à la législation en matière à la protection des personnes physiques à l'égard du traitement de données à caractère personnel, les données à caractère personnel que les participants communiqueront à l'administration communale lors de leur participation aux jeu-concours font l'objet d'un traitement par l'administration communale afin de permettre la sélection des gagnants.

Les données à caractère personnel sont notamment traitées par les agents de l'administration communale chargés de l'organisation du jeu-concours.

Le nom du gagnant pourra être publié sur le site Internet de la commune ou/et dans la prochaine édition de la Géisdrefer Lanter.

Le gain offert ne peut donner lieu à aucune contestation ni quant à sa nature, ni quant à une demande d'échange ou de contre-valeur en espèces, ni quant à toute autre sorte de demande.
Aucune responsabilité n'incombe à la commune, notamment dans les cas suivants :

- En cas d'annulation, de report du jeu-concours ou de limitation de la période de participation au jeu-concours ;
- En cas d'éventuel dysfonctionnement dans le déroulement du jeu-concours

Les décisions du jury ne peuvent pas être contestées.
Au cas où plusieurs réponses exactes parviennent à la commune, les responsables détermineront le gagnant par tirage au sort.

**La participation au concours implique l'acceptation du présent règlement.**

## FORMULAIRE

Numm: .................................... Virnumm: ....................................

Adresse: ....................................................................................

Mail: .................................... Telefonsnummer: ....................................

Är Äntwerten :

Foto 1: .................................... Foto 4: ....................................

Foto 2: .................................... Foto 5: ....................................

Foto 3: .................................... Foto 6: ....................................

GOESDORF
Gemeng Géisdref

Un d'Gemeng zeréckschécken, per Mail: communication@goesdorf.lu oder
per Courrier un 1, op der Driicht L-9653 Goesdorf, **spéitstens de 15. Dezember 2023**.

# THEATERFRËNN GÉISDREF



Dëst Joer war et dann endlich rëm sou weit; mir hunn no 2 laange Jore Corona Paus rëm Theater däerfe spillen. „Eng onschëlleg Bauplatz“ huet eist Stéck geheescht, ee lëschtegen 3 Akter mat dem mir eis an de Publikum ganz gutt amuséiert hunn.

Am Stéck handelt et sech ëm eng Famill mat dräi Schwësteren (Berta, Mathilde a Catherine). Zwou vun deene Schwësteren si bestuet an déi drëtt, Berta, wunnt schonn hirt ganzt Liewe bei enger vun de Schwësteren, dem Catherine Hieronimy an hirer Famill, am Haus. Wann d'Berta lo eng ganz fein a propper Persoun wier, hätt et der Famill Hieronimy villäicht nach net sou vill ausgemaach mee d'Berta ass eng zimmlech frech, onversuergt a liddereg Fra. Et ass also net ganz onlogesch dass d'Famill Hieronimy d'Berta wëll lassginn. Si wëllen d'Tata Berta un ee Mann kréien. Fir dat och sou effizient wéi méiglech ze maachen, setzt déi ganz Famill eng Annonce an d'Zeitung wou dra steet dass d'Berta ze verginn ass zesumme mat enger Bauplaatz. Et mellen sech eng ganz Partie Interessenten op déi Annonce an do kommen natierlech och ee ganze Koup Verwiesslunge mat an d'Spill. Schlussendlech hëlt d'Berta hir Revanche un der Famill a verléisst glécklech d'Haus vu senger Schwëster zesumme mat hirem verkleete Scheich an engem ganze Koup Geld. Déi Suen huet Si sech nämlech duerch eng ganz clever Verkleedaktion mat engem Scheich ënnert den Nol geschlo. Schlussendlech ass d'Berta och guer net sou eng schlëmm Fra, an dat beweist Si andeems Si déi meeschte Suen un déi Memberen aus der Famill déi Si ëmmer gutt behandelt hunn, ausdeelt.

Ënnert der Regie vum Berkel Elise a vum Nickels Valérie hu matgespillt; Nickels Carlo, Treff Carlo, Mousel Pol, Peiffer Jeff, Roemen Charel, Birchen Charel, Glodé Jean-Marie, Mousel Jeanny, Schmitz Christa, Reding Karin an Isabelle Graffé. An der Flüsterkëscht sutz den Thines Jean-Claude an de Maquillage gouf gemaach vum Bissen Triny.

Eise Veräin, Theaterfrënn Géisdref‘ besteet säit 1994. Eng ronn 40 Membere suergen op an niewent der Bün fir Iessen a Gedrénks a fir eng flott Ambiance.

All weidere Member ass natierlech wëllkomm bei eis.

Mir freeën eis schonn op déi nächst Theatersaison. Spille wäerte mer nächst Joer nees den 22, 23, 24, 29 an 30 Mäerz.

*Fir Theaterfrënn Jeff Peiffer*

# D'HEXEMEESCHTER VUN NACHER

D'Theatersaison fänkt erëm un, an d'Hexemeeschter vun Nacher si fläisseg amgaange mat prouwe fir hir 5 Optrëtter am Januar 2024 zu Nacher am Sall.

Gespillt gëtt de Freiden 12. Januar, Samschden 13. Januar, Freiden 19. Januar, Samschden 20. Januar, all Kéiers um 20:00 Auer, Sonndes de 14. Januar ass um 18:00 Auer Riddo. Si spillen ee lëschtigen Dräiakter, dee vum Béatrice Reis an der Regie fir d'Equipe vun dësem Joer adaptéiert ginn ass.

Et spille mat: Paquay Fernand, Krieps Claudine, Paquay Ralph, Jona Ernzer, Treff Claude, Bissen Maud, Crochet Gilles, Bissen Sophie, Bolmer Eric. An der Flüsterkëscht si Keilen Nicole a Biever Carine. Fir de Maquillage ass Brachmond Maggi zoustänneg.

Reservéiere kennt Dir är Plaze beim Schroeder Margot 958837, oder Brachmond Maggi 899422.

*Text: Eric Bolmer*






FUESBAL
27.01.2023
vum Veräin "Theaterclub Hexemeeschter"
zu Nacher am Sall
04.02.2023
Kanner-
fuesbal
vum Veräin "Fraen a Mammen"
zu Nacher am Sall


Sonndig, 17. Dezember
2023 zu Nacher
UUCHT AM
ADVENT
PROGRAMM
16:00 Auer
Veillée an der
Kiirch mat Lidder
an Texter zum
Advent an
Chrëschtdaag
Dir.: Léini Fischer
Piano : Marie-José
Hengesch
Duerno
Kaffistuff am
Centre Culturel:
Kaffi & Gebäck
Hameschmieren
Tombola
Organisatioun : Sängerfrënn Caecilia Gemeng Géisdréf


Chrëscht
Veillée
Freides, den 8.12.2023
um 19.00 Auer
zu Boukels bei der Kréppchen.
Mat besënnlechen Texter
a musikaleschem Encadrement
vun de Sängerfrënn Caecilia Géisdréf.
Duerno gi mer mat den Hierten
an déi gehëtzte Schéiferiicht,
wou et en Teller Zopp, e Stéck Bûche
an e Patt zum Beschte gëtt.
Organiséiert vun de Vältesfrënn Boukels

# MANIFESTATIOUNSKALENNER 2023/2024

| DATUM | | VERÄIN | UERTSCHAFT |
|---|---|---|---|
| 01.12.2023 | Krëstmoart | Gemeng + Veräiner | zu Dol am Schoulhaff |
| 02.12.2023 | Krëstmoart | Gemeng + Veräiner | zu Dol am Schoulhaff |
| 07.12.2023 | Adventsnomëtteg | Fraen a Mammen | Sall Nacher |
| 15.12.2023 | Adventsveillée | Vältesfrënn | Boukels |
| 17.12.2023 | Adventsveillée | Sängerfrënn Caecilia | Sall Nacher |
| 12.01.2024 | Theater | Hexemeeschter | Sall Nacher |
| 13.01.2024 | Theater | Hexemeeschter | Sall Nacher |
| 14.01.2024 | Theater | Hexemeeschter | Sall Nacher |
| 19.01.2024 | Theater | Hexemeeschter | Sall Nacher |
| 20.01.2024 | Theater | Hexemeeschter | Sall Nacher |
| 27.01.2024 | Fuesbal | Hexemeeschter | Sall Nacher |
| 02.02.2024 | Liichtmëssdag | | |
| 04.02.2024 | Kannerfuesbal | Fraen a Mammen | Sall Nacher |
| 11.02.2024 | Vältesfest | Vältesfrënn Géisdref + Jeunesse | Grange Pinon |
| 15.02.2024 | Fettendonneschdig | | |
| 25.02.2024 | Buergbrennen | Jeunesse Géisdref | Sall Géisdref |
| 09.03.2024 | 1. Hëllef Cours | Theatersall Dol | |
| 16.03.2024 | 1. Hëllef Cours | Theatersall Dol | |
| 22.03.2024 | Theater | Theaterclub Géisdref | Sall Géisdref |
| 22.03.2024 | Hobbymaart | Coin de Terre | Sall Nacher |
| 23.03.2024 | Theater | Theaterclub Géisdref | Sall Géisdref |
| 23.03.2024 | Hobbymaart | Coin de Terre | Sall Nacher |
| 24.03.2024 | Theater | Theaterclub Géisdref | Sall Géisdref |
| 24.03.2024 | Hobbymaart | Coin de Terre | Sall Nacher |
| 29.03.2024 | Theater | Theaterclub Géisdref | Sall Géisdref |
| 30.03.2024 | Theater | Theaterclub Géisdref | Sall Géisdref |
| 13.04.2023 | Tournoi | D.T. Nacher | Sportshal Dol |
| 05.05.2024 | Kiermes Dol | | Dol |
| 12.05.2024 | Kiermes Nacher | | Nacher |
| 25.05.2024 | Hämmelsmarsch | Entente Géisdref | Boukels |
| 25.05.2024 | Sträichs-de-Bal | Jeunesse Géisdref | Loubau Boukels |
| 08.06.2024 | Galaconcert | Sängerfrenn Caecilia | Kierch + Sall Géisdref |
| 09.06.2024 | Galaconcert | Sängerfrenn Caecilia | Kierch + Sall Géisdref |
| 09.06.2024 | Mammendag | | |
| 23.06.2024 | Nationalfeierdag | Gemeng Géisdref | Dol |
| 07.07.2024 | Familljendag | Sängerfrenn Caecilia | Sall Dol |

# FOTO-REPORTAGEN

## NATIONALFEIERDAG













# BOTZAKTIOUN KUKO








D'Kulturkommissioun, zesumme mat den Organisatiounen „Pickitup" an „LëtzBotz" hunn am Summer eng Botzaktioun uechter d'Gemeng organiséiert. Op lokalen Trëppelweeër a laanscht d'Stroossen gouf den Dreck beim spadséieren opgeraf. Merci u jiddereen dee matgehollef huet fir eis Natur propper ze halen!

# FRAEN A MAMMEN




Am Juli 2023 war zu Nacher am Sall d'Scheckiwwerreeschung vun de Fraen a Mammen aus der Gemeng Géisdref un d'Organisatioun WONSCHKUTSCH. De stolze Montant vun 1.250.-€ ass den Erléis vun enger Kaffisstuff, déi am Oktober 2022 organiséiert gi war.

D'Wonschkutsch hëlleft mat dëse Suen een absolutten a vläicht och leschte Wonsch vu schwéierkranke Leit ze erfëllen.

# VÄLTESFRËNN



# NOPESCHFEST

Gläich e puer Dierfer hunn dëst Joer en Nopeschfest organiséiert: Masseler, Boukels, Nacher (um Pad), Dol an Bidscht. Mir invitéiere lo schonn d'Awunner, am nächste Joer och d'Initiative ze ergräifen!



*Nacher*



*Masseler*



*Bidscht*

Op Initiative vum Joëlle, Marco, Angela, Alban, Josiane, Gaby a Jerry gouf den 23. September dat 1t Nopeschfest/ Duerffest zu Bidscht organiséiert.

An deene leschte Joren ass vill zu Bidscht gebaut ginn an et si vill nei Awunner bäikomm.

A wéi dat an allen Dierfer sou ass, kennt een och a sou engem klengen Duerf d'Leit net méi all.

Dëst klengt Fest huet dozou bäigedroen, dat mir eis besser kenneléieren oder op mannst mol de Numm vun de Noperen ze kennen.
Mat 75 Bidschter hu mir puer gemittlech a lëschteg Stonnen zesumme verbruecht.

Mir soen eiser Gemeng, de Gemengenaarbechter, der Käerzefabrik Peters an dem Garage Schiltz Merci fir hir logistesch a finanziell Ënnerstëtzung, sou wéi och allen anere Leit déi eis op déi eng oder aner Manéier gehollef hunn.

Villmools Merci an affaire à suivre
Team Bidscht

# MAISON RELAIS DOL

Ufank Oktober huet d'Maison Relais een éischten Ausfluch am Kader vun der Wildnispädagogik gemaach. D'Kanner haten d'Maskottche vum Bëschprojet dobäi an haten déi grouss Chance, en zertrümmerten Schädel ze fannen, deen si dunn zesummen ënnersiche konnten. An hirem Wald-Tagebuch hunn si sech Notte geholl an Zeechnunge gemaach.















**DE SCHÄFFEN- A GEMENGEROT, SOUWÉI DAT GANZT PERSONAL VUN DER GEMENG GÉISDREF, WËNSCHEN IECH SCHÉI FEIERDEEG AN E GUDDE RUTSCH AN D'JOER 2024**



GOESDORF
Gemeng Géisdref
*Hei wëll ech bleiwen!*